CENTRE DE FORMATION POUR CONDUCTEURS

D'Formatioun vun de Chaufferen steet am Mëttelpunkt vun eiser Aarbecht.

Als wichtegen Acteur am Beräich vun der Mobilitéit verfollege mir d'Zil, op nationalem Niveau zur **VISION ZERO** Accidenter ouni déidlech an schwéier Blesséierten bäizedroen, an och zur Reduktioun vun den $CO_2$-Emissiounen.

Fir seng Ekipp ze verstäerken, sicht den CFC fir de Site zu **Suessem** e puer

# Formateuren am Beräich "Séchert Fueren" fir Beruffschaufferen (m/f/d)

*Är Aufgaben:*

- Beruffschaufferen déi e Führerschäin vun der Kategorie C an/oder D hunn, dobäi begleeden, sech zu verantwortungsbewossten Verkéiersacteuren ze entwéckelen, déi Wäert op Sécherheet an Ëmweltschutz leeën;
- Den theoreeteschen an/oder prakteschen Deel vun de Formatiounen duerchféieren, déi vum CFC am Kader vun der Direktiv 2003/59/EG (Code 95) ugebuede ginn;
- Bei der Entwécklung vun de verschiddene Projete vum CFC am Beräich vum Séchere Fueren matwierken, mam Zil, de Public fir d'Risiken am Zesummenhang mat der Mobilitéit an hire Verännerungen ze sensibiliséieren.

*Äre Profil:*

- Ofgeschlosse Secondaires Studien oder eng gläichwäerteg Qualifikatioun;
- Führerschäin vun der Kategorie C an/oder D;
- Fléissend Kenntnisser (Niveau C1) am Lëtzebuergeschen an am Franséischen;
- Sensibiliséierung fir d'Thematik vun der Verkéierssécherheet;
- Passioun fir de Beräich vun der Formatioun an dem Stroossentransport vu Wueren oder Persounen;
- Dynamesch a kommunikativ Perséinlechkeet déi gären mat Leit schafft;
- Teamgeescht, Flexibilitéit a Client Orientéierung;
- Grondkenntnisser vun den üblechen Informatik Programmer: Microsoft Office (PowerPoint, Word, Excel, Outlook).

*Eis Offer:*

- Ofwiesslungsräich a verantwortungsvoll Aktivitéit an enger dynamescher a klenger Ekipp;
- Stimuléieren 't Aarbechtsëmfeld, dat Eegeninitiativ an aktiv Bedeelegung fërdert;
- Modern Formatiouns-Infrastrukturen, qualitativ héichwäertegt technescht Material an eng ënnerstëtzend Organisatioun ;
- Perséinlech Weiderentwécklung duerch kontinuéierlech Formatiounen.

Wann Äre Profil eisen Ufuerderungen entsprécht an Dir un dësem Posten interesséiert sidd, dann schéckt eis Är Bewerbung per E-Mail un jobs@cfc.lu.